Komplex Situatioun vun der Fra an onser Gesellschaft (4.4.2008)

Eise Wirtschaftsreportage ass déi Kéier e bësselchen aneschters gewéckelt. Et geet wuel ëm Ekonomie, ma et geet éischter ëm déi dach komplex wirtschaftlech Situatioun vun der Fra an eiser moderner Gesellschaft.
Dozou e Gespréich vum Guy Kaiser mam Jean-Paul Meyer vun der Assurancegesellschaft La Luxembourgeoise....

Fir de leschten Internationale Fraendag huet de Statec den 8 Mäerz en etlech interessant Chiffere publizéiert. Dës baséieren op Sondagen aus dem Joer 2006 a skizzéieren d'Situation vun der Fra an der Lëtzebuerger Gesellschaft.

Global gekuckt ginn 42% vun de Fraen zwëschent 15 a 64 Joer kenger sougenannter 'geregelter' Aarbecht no. Bei de Männer sinn et der nëmmen 25%. Wann ee weess, dass an der Moyenne d'Fra sech mat 30 Joer bestiit, sou versteet een och dass dës zivilrechtlech Situatioun eng staark Influenz op de Beschäftegungsstand ausübt: 53% vun de bestuete Frae schaffen, bei de gescheete sinn et der ëmmerhin 70%.

Vun de Fraen di schaffen, hunn 70% 1 Kand mat manner wi 15 Joer. Si méi Kanner do, da fält dëse Prozentsatz drastesch: hie läit bei 52% wann 2 Kanner do sinn a geet esouguer op 44% bei 3 Kanner erof.

Den Aarbechtsmaart ass opgedeelt an 82,20% Vollzäitbeschäftegter an 17,80% di enger Deelzäitaarbecht noginn. An dëser leschter Kategorie fënnt een net manner wi 92,5% Fraen.

Och wann haut di jonk Fra net manner diploméiert ass, wi hire männlechen Aarbechtskolleg, sou ass hir wirtschaftlech Situatioun dach awer ganz ënnerschiddlech.

Verdengschtgläichheet zwëschen Mann a Fra ass an de meeschte Betriber leider nach ëmmer e Friemwuert. 17% vun de Fraen di en Héichschoulofschloss hunn, gi kenger Beschäftegung no, bei de Männer sinn et der nëmmen 9%.

All dës Chifferen ginn ze denken an ënnersträichen, wéi komplex d'Situatioun vun der Fra an onser moderner Gesellschaft ass. D'Fra versicht beschtméiglechst d'Familljen - an d'Beruffsliewen ënnert een Hutt ze kréien. Dëst geschitt meeschtens ouni sech fundamental Gedanken iwwert hir materiell Ofsécherung ze maachen. Sou ass et och net verwonnerlech, dass de gréisste Prozentsaz vun de Bezéier vu Sozialhëllefe Frae sinn.

Den 'État-Providence' kann net all Wonne pléischteren; ass dat net eng Erausfuerderung fir den Assurancesecteur?

Fait ass :
• dass d'Fraen generell méi schlecht ofgeséchert si wéi d'Männer. An Daïtschland hunn nëmmen knapps 27% vun alle Fraen eng Kapital-Liewensversécherung. Hei zu Lëtzebuerg ass d'Situatioun kaum besser.
• d'Fraen bezéie méi kleng Renten. Si verdénge manner a gi méi fréi a Pensioun. 6% vun de Fraen hunn un eng Privatzousatzpensioun geduecht. Bei de Männer sinn et der ëmmerhin 10%, an dobäi läit d'Liewenserwaardung vun der Fra 6 Joer méi héich wéi bei de Männer.
• de Prozentsaz vun de pflegebedürftege Fraen ass duebel sou héich wéi dee vun de Männer
• Frae brauchen eng optimal medezinesch Begleedung, dëst schonns a jonke Joere wou si eng Famill grënne wëllen.
• Frae sti bei engem Onfall am Privatliewen mat eidelen Hänn do. Kaum eng Hausfra ass bei dauernder Invaliditéit duerch e béisen Onfall doheem ofgeséchert.
• D'Famill ass heefeg op d'Akommes vun der Fra ugewisen. Wi meeschtert si de finanziellen Enkpass am Fall vun enger permanenter Aarbechtsonofhängegkeet vun der Fra ?
• Allengerzéihend Fraen mussen un d'Weiderbildung vun hire Kanner denken. Dëst ass alles mä net gratis.

All dës Chifferen an Iwwerleeunge sollen wuel eng gediegen Informatioun iwwert der Fra hir konkret Situatioun ginn, mä awer och als Gedankenustouss gëllen. All Fra soll hir perséinlech Sécherheet sou fréi wéi méiglech selwer an d'Hand huelen, a no beschtméigleche Moyenen e private Sécherheetsplang an d'A faassen.